Lëtzebuerger Club Roude Léiw

## Fréijoersrencontre

De “Lëtzebuerger Club Roude Léiw” freet sech,
Iech ze invitéieren den

**10. Abrëll 2022**
**11.00 Auer**
**Zunfthaus zur Waag**

Münsterhof 8, 8001 Zürich




**Programm**

- **Generalversammlung**
- **Apéritif**
- **Tréine laache mat dem Cabaret: Tri2pattes**
- **Gemittlecht Mëttegiessen am schéinen «Zunfthaus zur Waag»**



Di 3 komesch Kauze vun Tri2pattes, dat sinn d'Sonja Schmitz, den Änder Thill an den Dan Theisen.
Dass bei hinnen net alles ronn dréit gesäit een op den éischte Bléck. Mee éierlech, bäi wiem leeft schonn alles riicht?
Op deen turbulente Mix mat lëschtege Sketcher aus hirem neie Programm «Keen Doheem" dierft Dir Iech freeën. Hei kritt jidderee Geleeënheet fir iwwer sech selwer ze laachen!

**Mir soen Tri2pattes häerzlech Merci, datt si exklusiv fir de Lëtzebuerger Club Roude Léiw an der Schwäiz optrieden.**

Direkt beim idyllesch geleeënen Münsterhof läit **d'Zunfthaus zur Waag**, eent vun den eelsten Zunfthaiser an de schéinsten Haiser vun Zürich. Do wëlle mir genéissen!

| | | |
|---|---|---|
| **Präis** | Fir Memberen | 65.- CHF |
| | Fir Gäscht | 100.- CHF |
| | Fir Kanner bis 16 Joer | 30.- CHF |

Am Präis abegraff sinn: den Apéritif, d'Iessen, d'Gedrénks a natierlech Tri2pattes.

Mat Ärer Iwwerweisung bis spéitstens den **1.4.2022** sidd Dir definitiv ugemellt.

Compte: Lëtzebuerger Club Roude Léiw, 8000 Zürich
IBAN: CH63 0900 0000 8743 1297 4
BIC/SWIFT-Code: POFICHBEXXX
Postfinance, Mingerstrasse 20, 3030 Bern

Fir ee vegetaresche Menu mellt Iech w.e.g. bis den 1.4.2022 beim Ginette Rüdy,
079 382 45 36 / ginette.ruedy@svema.ch

**Wéi Dir op de Münsterhof kommt**

Matt ÖV: Zürich HB. Dann den Tram 13, 11, oder 7 bis Paradeplatz. Vun do sinn et nach e puer Schrëtt bis op de Münsterhof.
Mam Auto: Sonndes ass zou Zürich «free parking»

Mir waerten eis un déi dee Moment gülteg Covidreegelen halen. www.waag.ch

**Mir vum Comité freeën eis, mat Iech zesummen an deem schéine Lokal ze feieren**

**Fir Är Agenda:** Notéiert Iech w.e.g. schonn den **18.9.2022** zou Bern um Gurten